Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/11/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës <u>dringend</u> parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Finanzen weiderzeleeden.**

Iwwert de Weekend gouf bekannt, dass d'Kryptobörse FTX Insolvenz ugemellt huet. D'Verméige vu FTX ass agefruer an Ermëttler ginn elo de Grënn vun der Insolvenz an dem méiglleche Verschwanne vun Honnerte Millioune vu Kryptowärungen no.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Huet FTX Verbindungen zu Lëtzebuerg?
   - Wa jo, wéi eng?
   - Wa jo, wäert Lëtzebuerg hei mat den Autoritéiten op de Bahamas zesumme schaffen?
2. Huet d'Ministesch Kenntnis, dass d'Verméige vu Lëtzebuerger Residente vun dëser Insolvenz betraff sinn?
3. Si scho Plainten agaangen am Zesummenhang mat FTX?
4. Wou sollen sech betraffe Residente melle wa si mengen, dass hir Wallets onrechtméisseg geläscht goufen oder verschwonnen sinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten